# Critèren fir en eenheetlechen Klasserot :

**- De Klasserot fënnt <u>all Woch</u> statt:**
Am SSG hu mer driwwer diskutéiert wéi een Dag am Beschten ass fir de Klasserot ze halen. Eis Konklusioun ass datt dat jidderee fir sech selwer decidéiere muss.
Hei sinn eis Iwwerleeungen:
-De Klasserot an der Woch ze maachen, an net freides, huet de Virdeel datt d'Kanner direkt dat ëmsetze kenne wat beschloss ginn ass, an esou net de Risiko besteet datt d'Kanner et iwwert de Weekend vergiessen.
- Op der anerer Säit kann e Klasserot dee Freides stattfënnt, als Réckbléck vun der Woch gesi ginn.
<u>Muss de Klasserot ëmmer zum selwechte Moment stattfannen?</u>
Verschidden Enseignant'en brauchen doranner eng gewësse Routine.
Op der enger Säit wëssen d'Kanner an dem Fall direkt
wéini si iwwert hire Problem schwätze kennen. Op der anerer Säit kann een net ëmmer bis dohinner waarden oder et ass wichteg datt all d Intervenant'en mat derbäi sinn, wat nëmmen zu bestëmmte Stonnen de Fall ass.

**- Während all Klasserot gëtt e <u>Rapport</u> geschriwwen:**
D'Konflikter an d'Léisungsvirschléi opzeschreiwen, erlaabt dem Enseignant an de Kanner nach eng Kéier genau ze gesinn, wéi eng Problemer di Woch virdrun opgetaucht waren an dann dee Moment ze kucken op de Problem sech no där Woch geléist huet.
Desweidere kann een zeréckbliederen, wann ee Problem optaucht deen schon eng Kéier do war, fir ze kucke wéi een dee Moment drop reagéiert huet. Vläit kann ee rem selwecht handelen, vläit stellt een och fest datt et sech ëmmer ëm dat selwecht Kand handelt…asw.

**- D'Léierpersoun schaft e <u>Kommunikatiounsklima</u>:**
- D'Kanner sollen sech fräi ausdrécken kennen, allerdéngs och léieren datt een no deem aneren schwätzt.
- Si sollen spieren datt se respektéiert an serieux geholl ginn.
- D'Léierpersoun soll versichen op d Gefiller vun den Kanner anzegoen. D'Kand an enger Konfliktsituatioun froen firwat et esou gehandelt huet, wei et sech dobäi gefillt huet…
- D Kanner sollen wëssen datt dat, wat am Klasserot beschwat gëtt, net no baussen gedroe gëtt.
- Et ginn Ich-Botschaften benotzt.
- D'Kanner sollen direkt Kommunikatioun léieren.
Wann d'Kand 1 e Konflikt mat engem anere Kand 2 huet, schwätzt K1 d'K 2 direkt un.
(Messagen wéi „hien huet dat an dat gemaach..." vermeiden an Erklärungen wéi „wei ech ...huet et mir net gefall oder huet mech traureg gemaach wei's du..." trainéieren.)

**- D'<u>Kanner</u> sichen d'<u>Léisungen</u>:**
D'Kanner solle léiere selwer (a lues a lues ouni Hëllef vum Enseignant) eng Léisung fir hire Problem ze fannen. Et gëtt versicht e Konsens ze fannen mat deem déi ganz Klass ka liewen.

**- D'<u>Léierpersoun</u> dréit nach ëmmer d'<u>Verantwortung</u>:**
De Schoulmeeschter muss sech bewosst sinn an och de Kanner kloer maachen, dass och wann si als Klass Decisiounen huelen a Regele festleeën, dass de Schoulmeeschter ëmmer nach d'Verantwortung dréit an och selwer kann Initiativen ergräifen déi net mussen duerch de Klasserot ofgestëmmt ginn. Hien ass a bleift a senger Tache iwwert de Kanner. Dat verhënnert awer net dass och hie ka kritiséiert ginn am KR.